N°22
Entrée le 15.12.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vum Minister fir Wirtschaft, fir PME, fir Energie a fir Tourismus, op d'parlamentaresch Fro n° 22 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

1. Dëse Fluch wäert op Basis vum *"Air Services Agreement"* (ASA) tëscht China a Lëtzebuerg vum 18. November 2002 duerchgefouert ginn, deen déi lëtzebuergesch Autoritéite mat hire chineeseschen Homologen ausgehandelt hunn. De "*Memorandum of Understanding"* iwwer "*Air Services*" tëscht China a Lëtzebuergvum 29. August 2018 erlaabt eng gewëssen Unzuel vu wéchentleche Frequenze fir Passagéierflich op feste Routen tëscht deenen zwee Länner.

   Der Regierung si keng Gespréicher mat "Interessegruppe" bekannt am Kader vun der Entscheedung vu *China Southern Airlines* fir dës Fluchverbindung duerchzeféieren.

2. Déi concernéiert Lëtzebuerger Autoritéite wousste vun der Intentioun vu *China Southern Airlines*, fir vum 21. Dezember 2023 un ee wéchentleche Passagéierfluch tëscht de Fluchhäfe vu Guangzhou a Lëtzebuerg z'operéieren.

3. No de leschten Informatiounen ass aktuell eng Rotatioun Lëtzebuerg – Zhengzhou – Guangzhou pro Woch virgesinn.

Lëtzebuerg, de 15. Dezember 2023.

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes